N°8119
Entrée le 03.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.07.2023

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 3. Juli 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Wéi och op anere Plazen am Land, z.B. op der Kockelscheier, ginn zënter ronn zwee Joer an der Industriezon zu Leideleng spontan Autostreffen organiséiert, dëst besonnesch de Weekend owes. Hei entsteet en immens staarke Kaméidi, illegal Autoscoursse gi gefuer, d'Motoren héichdréine gelooss etc. Et treffen sech alt mol ëm 100 Autoe bei der Tankstell. Dës Treffe sinn iwwerdeems iwwert d'Grenze vu Lëtzebuerg bekannt, well sech hei och Gefierer mat auslännesche Placken erëmfannen.

Der Police an der Gemeng ass dee Problem gutt bekannt. Anscheinend hat d'Police och ewell eng "action coup de poing" zesumme mat der SNCT organiséiert. Polizisten hunn eis och beriicht, datt scho Persoune mat Geschwindegkeete vun iwwer 160km/h geblëtzt goufen, wou 50 km/h erlaabt sinn.

Och ass et an deem Kontext schonn zu Accidenter komm mat schwéiere Konsequenzen. Esou ass et den 30. Abrëll an der Nuecht vu Samschdes op Sonndes zu engem ganz schroen Accident komm, bei deem zwee Autoen impliziéiert waren. Insgesamt waren aacht Persounen involvéiert, sechs dovunner goufe blesséiert an dräi dovu méi uerg blesséiert. Eng Persoun ass an akuter Liewensgefor an d'Klinick ageliwwert ginn. Bei dësem Incident waren d'Rettungsdéngschter vun der Stad, vu Leideleng a vu Monnerech op der Plaz mat villen Ambulanzen an zwou Samu-Ekippen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung

1. Wéi schätzt d'Regierung dës Situatioun an?
2. Wéi gesäit de Minister den Afloss vun dësem Kaméidi op d'Liewensqualitéit vun de Leit, déi an där Géigend wunnen?
3. Wéi vill Accidenter sinn an de leschte Jore bei dësen Autostreffe geschitt?
4. Wat waren d'Konsequenze vun deenen Accidenter? Wéi vill Leit goufe blesséiert a wéi vill Leit hunn hiert Liewen dobäi verluer?
5. Wéi vill Police-Asätz gouf et zënter dem 1. Januar 2022 an der Industriezon zu Leideleng?
6. Wéi eng weider Delikter goufen - nieft den Autostreffen - vun der Police detektéiert? Wéi enger Natur (z.B. Alkohol, Gewaltakter, Drogenhandel etc.) sinn dës Delikter?
7. Wéi eng Méiglechkeeten huet d'Regierung fir hei anzegräifen?

8. Wéi wëll de Staat elo konkret virgoen, fir deenen uewe beschriwwene Mëssstänn en Enn ze setzen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten